Question parlementaire N° 2181 de Monsieur le Député Aly Jaerling

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
09 MAI 2003
2181

Här
Jean SPAUTZ
President vun der Deputéiertekummer

Lëtzebuerg, de 9. Mee 2003

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Ufro un d'Madame Erzéiongsminister an un d'Madame Familljeminister weiderzeleeden:

Gëschter gouf, mat Ënnerstëtzong vum Erzéiongsministère a scho fir d'zweet, e sougenannte „Girls Day" ofgehalen. Meedercher am Alter tëscht 12 a 17 Joer hu misse schoulfräi kréien, wa se wollten e Betrib kucke goen. Dofir gouf hinnen och en offiziellen Dispense-Formulär zur Verfügong gestallt, doranner gouf dëse schoulfräien Dag just fir Meedercher esou erkläert: « Pour les jeunes filles, cette journée représente une chance pour leur orientation professionnelle et une possibilité de nouer les premiers contacts en vue d'éventuels stages pratiques. »

Dës Initiativ wäerft eng Rei Froen op :

- Wéi wierkt et sech op d'Psych vun de Jongen aus, wa se sou oppen a mat statlecher Ënnerstëtzong an den Eck gedréckt ginn?
- Wat gouf dësen Dag fir d'Bouwe gemaach?
- Hunn d'Jongen tëscht 12 a 17 Joer - am Géigesaz ze de Meedercher - hire Routine-Schouldag missen ofsëtzen?
- Hunn eis Jonge kee Recht op eng „chance pour leur orientation professionelle" an eng „possibilité de nouer les premiers contacts en vue d'éventuels stages pratiques"?
- Wat soll dës Diskriminéierong vu männleche Kanner opgrond vun hirem Geschlecht?

Mat déiwem Respekt,

Aly Jaerling
Deputéierten

GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

MINISTÈRE D'ÉTAT
LE MINISTRE AUX
RELATIONS AVEC LE PARLEMENT

SERVICE CENTRAL DE LÉGISLATION

Luxembourg, le 9 juillet 2003

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés

Luxembourg

Personne en charge du dossier:
Sandy Poiré
☎ 478 - 2956

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 JUIL. 2003

Réf.: 2002 - 2003 / 2181 - 02

Objet: Réponse à la question parlementaire n° 2181 du 9 mai 2003
de Monsieur le Député Aly Jaerling.

Monsieur le Président,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe **la réponse commune de Madame le Ministre de l'Éducation Nationale, de la Formation Professionnelle et des Sports et de Madame la Ministre de la Famille, de la Solidarité Sociale et de la Jeunesse** à la question parlementaire sous objet, concernant le «Girls Day».

Veuillez agréer, Monsieur le Président, l'assurance de ma haute considération.

Le Ministre aux Relations
avec le Parlement

François Biltgen

Grand-Duché de Luxembourg

Ministère de l'Éducation Nationale,
de la Formation Professionnelle et des Sports

Luxembourg, le 4 juillet 2003

Coordination générale –sk/me
tél. 478-5185 fax. 478-5146

Le Ministre aux Relations avec le Parlement SERVICE CENTRAL DE LEGISLATION	
Reg.:	SCL:
Entré le: 0 8 JUIL. 2003	
CE:	CHD:
A traiter par:	
Copie à:	

Monsieur François BILTGEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard Roosevelt

L-2450 LUXEMBOURG

Concerne: question parlementaire N° 2181 de Monsieur le Député Aly Jaerling

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse à la question parlementaire de Monsieur le Député Aly Jaerling. Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Anne Brasseur
Ministre de l'Éducation nationale,
de la Formation professionnelle et des Sports

Grand-Duché de Luxembourg

Ministère de l'Éducation Nationale,
de la Formation Professionnelle et des Sports

Coordination générale – sk/me
tél. 478-5185 fax. 478-5146

Luxembourg, le 04 juillet 2003

Monsieur le Président
de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes

L-1728 LUXEMBOURG

Gemeinsam Aentwert vun der Madame Marie-Josée Jacobs, Familljeminister a vun der Madame Anne Brasseur, Minister fir d'Erzéihung, d'Berufsausbildung an de Sport op d'parlementaresch Ufro Nr 2181 vum honorablen Députéierten Aly Jaerling.

D'Initiativ vum CID-Femmes, de vum Fraeministère ennerstëtzt gëtt, setzt d'Motioun ëm, déi de 6. Lenz 2002 vun der Chamber ugeholl ginn ass, an déi virgesäit, dass progressiv de Projet „Gläichheet delen" an der ganzer Schoul ageféiert gët.

De Girls' Day ass eng vu villen Aktiounen, déi Meedercher a Jongen op de Choix vun hierer Formatioun an hierem Beruff virbereeden. An de Lycées techniques gin zwëschen 7ième an 9ième Schnupperstagen a Betriber, Betriebsvisiten a Visiten vu Foiren wéi « work-life » fir Jongen a Meedercher organiséiert. D'Schüler an d'Schülerinnen aus dem secondaire classique informéiren sech haptsächlech op der „Foire des étudiants" iwer Studien a Beruffer. Bei denen Aktiounen musse mer berücksichtegen, dass Meedercher a Jongen ënnerschidlech Astellungen a Virstellungen hunn, wann se Ausbildungen a Beruffer wielen, an duerfir och Aktiounen maachen, déi sech méi spezifisch u Jongen oder u Meedercher riichten.

Well et d'Zil vum Girls' Day ass, de Meedercher d'Beruffswelt ze weisen, an do haaptsächlech Beruffer mat Zukunft, déi net onbedengt déi klassesch Beruffer sinn, an deenen ee meeschtens d'Frae fënnt, huet den Unterrichtsministère och dëse Projet ënnerstëtzt.

No dem Amsterdamer Vertrag ass all Land, dat dësen ënnerschriwwen huet, verflicht géint Diskriminatiounen géintiwwer deem engen oder dem aneren Geschlecht virzegoen. De Girls' Day ass eng präventiv Moossnahm géint Diskriminatioune géintiwwer de Fraen um Aarbechtsmaart. Do bestinn Ongläichheeten, déi zum Deel duerch de Choix vun Ausbildungen a Beruffer kommen, wéi dest an der Etude vum Fraeministère iwwer d'Loungläichheet zu Lëtzebuerg 2002 beluecht gouf.

De „Girls-day" war e ganz normalen Schouldaag fir Jongen a fir Meedercher. Just déi Meedercher, die un enger Aktivitéit deelgeholl hun, déi am viraus mam SPOS a mat der Schouldirektioun ofgeschwat war, waren vum Unterrecht fräigestallt. Och wann dem CID-femmes seng Aktivitéiten haptsächlech fir Meedercher waaren, war et all Schoul fräigestallt, un dem Dag Aktivitéiten ze organiséiren, un denen ganz Klassen konnten deelhuelen, wéi zum Beispill Gespréicher mat Leit aus der Beruffswelt an der Schoul.

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
11 JUIL. 2003

Anne Brasseur
Ministre de l'Éducation nationale,
de la Formation professionnelle et des Sports